

Text : Isabelle Yegles-Becker

Mörserbomm aus dem Hällepull, 1984

# Firwat heescht... den Hällepull Hällepull?

An där mëttelalterlecher Stad Lëtzebuerg stoung am Beräich vum haitegen Hôtel des Postes eng Maarthal mat Depoten. Am laange Gebai waren haauptsächlech Baumaterialien (Schëndelen, Schifer, Kallek...) stockéiert. Donieft louch „de Pull hinter der Hellen“ (Halen), also den Hällepull. Et war ursprénglech e Waasserbaseng an ass fir d'éischt am Joer 1429 zitéiert ginn. Well d'Stad op Fiels gebaut ass, ass de Baseng warscheinlech duerch d'Gewanne vu Bausteng entstan. Den Hällepull war esouguer mat enger Mauer ëmginn, hat eng Entréesdier, en Daach an ass och reegelméisseg gebotzt ginn. D'Reewaasser ass heihi geleet ginn. Dat néidegt Läschwaasser am Fall vu Feier war hei stockéiert. Alldeeglech huet de Baseng och d'Drénkwaasser fir d'Päerd geliwwert, déi dat schwéiert Baumaterial bei d'Hale geschleeft hunn. Villäicht sinn d'Päerd an d'Ween och hei gewäsch a gebotzt ginn.

Schonn am 16. Joerhonnert gëtt den Hällepull veroléisseg a verknascht. Dem Thomas Mameranus säi Virschlag, do e Polvermagaséng unzeleeën, gëtt net realiséiert. Den Hällepull bleift iwwert Joerzénge, wann net Joerhonnerten, eng grouss Kloak. Am Joer 1984 konnt um Eck rue Notre-Dame a rue Aldringen déi schwaarz morastesch

Zopp archeologesch nogewise ginn. E wichtege Fund aus dëser organescher Humusschicht war eng Mörserbomm aus Gosseisen, déi zréck an d'Zäit vun der franséischer Belagerung vu 1683/84 geet.


No der Belagerung ass de Pull warscheinlech zougeschott ginn, an d'Ofwaasser ass duerch neigebaute Kanäl hin zu de Festungsmuere geleet ginn. Den Egout Aldringen ass an der Mëtt vun der Fausse-Braie Beck-Jost erauskomm, ongeféier do, wou haut d'Plattform mat de grouse Fändelen ass. Vun do gouf en dann an d'Péitrus geleet, wou Opfaangbecke waren. Déi goufen iwwerflësseg, wéi d'Stad no 1911 e modernen Ofwaasserreseau kritt huet.

Den Hällepull gëtt et net méi, an näischt erënnert méi un hien, ausser engem Stroosseschëld am ënneschten Deel vun der Philippsgaass, tëschent dem Bd. Roosevelt an der Ënneschtgaass.



© Tom Lucas, MBE, MNHA

Plang Thomas Mameranus, Extrait Hällepull



© reproduction Lëtzebuerg

## Sources

Robert Wagner, Ein aufschlussreiches Zeugnis der Belagerung der Festung Luxemburg im Jahre 1683/84, Hémécht. - Luxembourg Jg. 36 (1984), H. 4, p. 593-599.

Nicolas Van Werveke, La ville de Luxembourg, de Sigefroi à 1867, tiré à part du Journal d'Esch, 1925

Isabelle Yegles-Becker, Le problème de l'eau en ville de Luxembourg: son approvisionnement par des réservoirs, in : Le passé recomposé : archéologie urbaine, MNHA, p. 227-242, 1999.

Spudelsgaass  
während den Aus-  
grabungen, 2004



© FRVV

## ...d'Schéieschlach Schéieschlach?

D'Schéieschlach läit ënnerhalb vum Fëschmaart a verbënnt de Boulevard Victor Thorn mat der Wiltheimstrooss. Et kënnst een iwwert de Rampart niewent dem Conseil d'Etat oder duerch de Passage vum Kutterhaus dohin, dat haut zum Nationalmuseum fir Geschicht a Konscht gehéiert.

Am 17. Jorhonnert liest ee vu „by dem Scherenloch“, wat op de Familljennumm Scheer zréckzeféieren ass. D'germanesch Wuerzel vun deem Numm ass „sker“ a bedeit ënner anerem schneiden. Bei den archeologesche Fouillë si Schläifsteng fonnt ginn. D'Schéiereschläifen an den Numm Scheer hu wuel zum Präfix „Schéiesch“ gefouert. „Lach“ bezechent gemengerhand eng Plaz, wou et erofgeet, déi also méi déif läit. Dat war am Mëttelalter de Fall, wou déi sougenannte Spudelsgaass, nom verwëllefte Passage, a Richtung Pafendall iwwert Mohrfiels an och warscheinlech a Richtung Buerg gefouert huet. Dës Gaass huet wuel bis an d'Mëtt vum 16. Joerhonnert bestanen. Duerch de Bau vun der Stadmauer ass hei e „Lach“, eng Sakgaass, entstanen. Duerch d'Bauaarbechte vum fransésische Militäringenieur

Vauban ass dunn eng propper horizontal Fläch entstanen, wéi mir se nach haut kennen. Zu den Zäite vun der Festung war hei de Rampart. No der Schläifung vun 1867 bis an d'Joer 2008 konnt een net duerch d'Schéieschlach goen, well d'Parzelle privat waren. Wéi d'Jousefsklinik nach a Betrib war, war den Haff d'Uliwwerungsplaz fir d'Kiche vum Spidol. Iwwert dem Bou am Schéieschlach – op der Säit vum Dall – gesäit een zwee Käpp aus Steen. Bis haut gëtt doriwwe gerätselt, wat se beideten a wéi al se solle sinn.

Nopere vum Schéieschlach sinn haut de Nationalmuseum, de Staatsrot, Konschtgalerien, e Bistro à vin, souwéi eng Rei Privatwunnengen. Verschieden nei Notzungen a d'Renovatiounen duerch den Alstadfong ginn an d'2000er Joren zréck.

Haut ass d'Schéieschlach nach ëmmer eng Plaz, déi hire fréiere Charme net verluer huet a wou een eng wonnerbar Panoramaaussicht ka genéissen.

### Sources

Jean Ensch, d'Schéieschlach, in Biitz, s.d. (1985 ?)

Kellen Tony, Die Altstadt Luxemburg, in Luxemburger Zeitung, Sept-Dez, 1939.

Isabelle Yegles-Becker, Pierre Kieffer, Michel Pauly ; La corniche nord de la vieille ville de Luxembourg : architecture, archéologie, histoire, Luxembourg, 2017



**Isabelle Yegles-Becker**

Archäologin an  
Historikerin bei der  
Bauteilverwaltung (ABP).